LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alff Christian , 08:03, 29/12/2020

Luxembourg, le 28 -12- 2020

Objet : Question parlementaire urgente n°3368 du 28 décembre 2020 de Monsieur le Député Sven CLEMENT concernant la livraison dans le secteur HORESCA après 21 heures

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, a vum Minister fir Mëttelstand, Lex Delles, op déi dringend parlamentaresch Fro n°3368 vum 28. Dezember 2020 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer d'Ausliwwerungen am HORESCA Secteur no 21 Auer.

Ad 1):

Beim Impakt vun der Ausgangsspär op d'Restauratiounsbetriber muss een tëschent "Take-away" a Liwwerservice differenzéieren :

- Beim "Take-away" hëlt de Client seng Bestellung beim Restaurateur selwer of. Well Deplacementer am ëffentleche Raum tëschent 21.00 Auer a 6.00 Auer verbuede sinn an den "Take-away" net als valabele Grond fir een Deplacement gëllt, däerf de Client no 21.00 Auer net méi op d'Méiglechkeet vum "Take-away" zréckgräifen.
- Beim Liwwerservice kritt de Client seng Bestellung vum Restaurateur heem geliwwert. De Restaurateur liwwert also am Kader vu senger berufflecher Aktivitéit aus. Deemno ass de Liwwerservice och nach no 21.00 Auer méiglech.

Ad 2):

D'Generaldirektioun fir Mëttelstand huet am Kader vum Couvre-feu de Secteur iwwert dës Mesuren an hiren Impakt an d'Bild gesat. No Ofsprooch mam Ministère huet d'HORESCA am dësem Zesummenhank och un de Secteur kommunizéiert.